ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Laut dem Joresbericht vun der CFL vun dësem Joer sinn am Joer 2019: 3800 Linnen an am Joer 2020: 1852 Linnen ausgefall, ënner anerem, well et un asazbereetem Rullmaterial gefeelt huet. Des Weidere si bei der CFL jee no Auerzäiten eenzel Zich iwwerfëllt an d'Streckennetz iwwerlaascht. Sou koum et virun der Eréffnung vun den zousätzleche Gleiser op der Stater Gare zum Beispill oft vir, datt Zich Verspéidung kruten, well se wéinst Iwwerlaaschtung vun der Gare selwer, kuerz virdrun "am Stau" hu missen hale bleiwen. Et ass gewosst, datt den Infrastrukturausbau vun eenzelen, betraffene Linnen un natierlech Grenze stéisst, wärend sech an anere Fäll awer nach Spillraum misst erginn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Mobilitéitsminister gär dës Froe stellen:

1) Iwwer wéi vill asazbereet Lokomotive verfüügt d'CFL am Persounentransport? Iwwer wéi vill asazbereet Waggonen verfüügt d'CFL am Persounentransport? Kann den Här Minister an deem Sënn eng Tabell, mat de follgenden Donnéeë presentéieren: Ëm wéi eng Modeller vu Lokomotiven handelt et sech, iwwer wéi eng Energieform ginn se bedriwwen a wéi vill Waggone kënnen se maximal zéien, respektiv drécken? Iwwer wéi eng Modeller an Unzuel vu Waggone verfüügt d'CFL a wéi presentéiert sech d'Kapazitéit vun deenen eenzele Modeller?
2) Iwwer wéi eng Reserven un asazbereetem Rullmaterial verfüügt d'CFL, wann all d'Linne fuerplangméisseg gefuer ginn?
3) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Erweiderungen, respektiv Reduktioune vu Rullmaterial am Persounentransport bis 2030 bei der CFL virgesi sinn?
4) Kann den Här Minister präziséieren, wéi sech d'Ursaache fir déi uewen zitéiert Ausfäll wärend de leschten 2 Joer am Eenzelen duergestallt hunn?
5) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Zuchlinnen a Gare bis 2030 ausgebaut, moderniséiert oder stëllgeluecht solle ginn?
6) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi vill zousätzlech Zuchverbindunge mam Ausland bis 2030 sollen dobäi kommen an eng Opstellung vun deenen eenzelen Zildestinatiounen am Ausland, sou wéi den allgemengen Destinatiounen hei am Land presentéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**